Pressekonferenz Fédération des Artisans 10. Juni 2010

Et ass zenter ee puer Deeg op der Place publique : am Handwierk a beim Mettelstand rumouert et !

Dat ass nett onedengt iwwerraschend no engem Courrier un 4.000 Membersbetrieber, an der Titelsäit vun eiser Zeitung d'Handwierk vu gescht :

D'Slogan'en sinn di folgend:
Och mir si Letzebuerg !
Et geht elo duer !
Eng Zukunft fiir eis Betrieber !

Et war also duerchgesickert, dass d'Handwierkerfederatioun eng Welles hätt.

Entspriechend Pressemeldungen di lescht Woch.

Verschiddentlech Nofroen vun der Press bei eis.

Mir wellen d'Informatioun un eis Memberen weiderginn iwwer des Aktioun, an duerch eis Courrier'en an aaner Weer, **och duerch des Pressekonferenz**, d'Informatioun un all Selbstännesch hei am Land gin, dass et di Petitioun gett an dass sie wellkomm sin fir mattzemaachen, souwuel bei der Petitioun wei beim Rassemblement viirun der Chamber den 29.

D’Onzefriddenheet vun eise Memberen nom Echec vun der Tripartite war ganz grouss, an no der Deklaratioun zur Laag vun der Natioun ass d’Situatioun eischter nach mei schlemm. D’Handwierk ass enttäuscht iwwert di Decisiounen, oder sollt ech soen, di Nett-Decisiounen vun eiser Regierung.

Alt rem – wei schon no derTripartit vun 2006 – gouf d’Geleenheet verpasst, eppes fir d’Zukunftsfähegkeet vun de Betriber za maachen.

Alt rem stecht d’Politik de Kapp an de Sand a sicht keng Leisungen no strukturelle Problemer vun desem Land.

D’Staatsfinanzen ginn iergendwei a Richtung Equiliber gefouert, mee haaptsächlech duerch Kiirzungen bei den Investitiounen a mei Steieren.

Fiir d’Betschel fett ze maachen, gett den Index weiderspille gelooss – di nächst Tranche erfällt am Juni - a gett pünktlech fiir d’nächst Joer de Mindestloun em ronn 2% erheicht.

Da kennt matt grousser Wahrscheinlechkeet an der eischter Halschent vum nächste Joer nach eng Indextranche, an dann hu mer bannent engem Joer d’Lounkäschten vun de Betriber mol kuerz em bis zu 7% an d’Luucht gesaat.

7% haaptsächlech bei deene Betriber, dei dei Schwaachst beschäftgen an dei am mannsten qualifizeiert.

Bei dene Betrieber, dei am meeschten fir d'Beschäftegung an d'Formatioun hei am Land maan.

Bei dene Betrieber, dei nett delokaliseieren, dei nett Personal ofbauen sou laang et nach aanescht geht.

Bei dene Betrieber, wou de Patron matt senger ganzer Famil riicht steht, wann d'Zäiten wei elo mei schweier sinn.

Bei dene Betrieber, vun denen emmer nemmen vill dervu geschwaat gett, wa mer vum "Mettelstand" schwätzen, fiir se dann rem meiglechst seier ze vergiessen.

Onzefriddenheet beim Handwierk, bei de Betrieber, haaptsächlech doriwwer, dass et d'Betriber an di zukünfteg Generatiounen sinn di d'Paan klaaken: manner Investitiounen, manner Wuesstem à terme, mei Lounkäschten, mei Steieren, a wa meiglech och nach mei sozial Laaschten.

Mir bezuelen nett fir hier Kriis, heescht et bei denen engen. Abee, beim Handwierk keint een et folgendermoossen paraphraseieren: Mir bezuelen nett **eleng** fir hier Kriis, well an eiser Analys en fin de compte alles bei de Betrieber hänke bleiwt.

Fir d’eischt heije mer iwwer Index a Mindestloun d’Paien, da gi mer matt Hellef vu mei Steieren dei Souen rem sichen fir de Staatsbudget ze sanéieren.

Wann Aboussen an den Transfert’en op där enger Säit duerch sou grousszügeg Kompensatiounen iwwert d’Pai op där aaner Säit ausgeglach ginn, da kann ee wuel kaum vun ausgeglachenen Beiträg vun denen engen an denen aaneren schwätzen. Da sinn et d’Betriber di eleng riicht stinn, a soss keen!

D’Handwierkerfederatioun ass an hierem Role, wa se där Onzefriddenheet Ausdrock well ginn. Wa se di Onzefriddenheet thematiseiert, an se der Politik viirfeiert. Wa se der Onzefriddenheet bei den Handwierksbetrieber eng Stemm an e Gesiicht gett.

Jo, well och dorem geht et: heiansdo mengt een, dass een hei am Land nemmen dann nogelauschtert kritt, wann een am hartsten jäitzt.

Lo wellen mer nett an ee Kameidikonkours matt de Gewerkschaften trieden – do geife mer souwisou de Kiirzeren zeien – mee mir wellen der Politik soen dass et eis nach get, dass mir och ee Steck Letzebuerg sinn, dass d’Betriber hei am Land nach laang nett alleguer op der Sonnesäit vum Liewen stinn.

Viirun allem wellen mer der Politik soen a weisen, dass hannert de Betrieber dei mir representéieren och Leit stinn. Letzebuerger an Auslänner, Betriebscheffen, hier Familljen, hier Kanner, jo souguer

hier Mattarbechter, dei NETT automatesch duerch d'Gewerkschaften vertrueden sinn.

Dofiir huet de Comité vun der Handwierkerfederatioun eng Petitioun lanceiert, dei un all Memberbetriber gescheckt ginn ass. Sie ass och an der leschter Editioun vum Handwierk ze fannen, an op eisem Internetsite www.fda.lu.

An den nächsten Deeg wellen mer nach aaner Medien asetzen, notamment um elektroneschen Plang.

Hei wellen mer meiglechst vill Ennerschreften sammelen, dei der Politik weisen sollen, dass nach laang nett jiddereen hei am Land der Meenung ass, et misst een alles aussëtzen.

2006 huet dach matt aller Däitlechkeet eent gewisen: wann een nemmen laang genuch waart, da leisen d'Problemer sech. Leider emmer nemmen kuerzfristeg!

Mee se kommen erem! An och wa verschiddentlech d'Hoffnung dierft sinn, och des Keier rem laanscht onbequem Entscheedungen ze kommen, wa nemmen laang genuch gewaart gett – et gesäit op ville Plaatzen jo sou aus, wei wann d'Ekonomie geif unzeien - dann ass dach secher, dass dei strukturell Problemer, dei mer haut nett leisen, eis moar emsou mei em d'Oueren wäerten fleien. Dovunner sinn Index a Mindestloun der nemmen zwee!

Mir fuerderen:

1. **Lounkäschtenentwecklung am Aklang matt der Produktiviteit**
2. **Stabill Lounniewekäschten, dee leschten Avantag dee mer nach hunn**
3. **Investitiounspolitik dei nohalteg an am Senn vun de Betriber ass**
4. **Effikass Verwaltungen**
5. **Respekt fiir eis Arbecht, eise Risiko an eise sozialen Engagement**

Daat scheint eis näischt Onmeigleches ze sinn. Mir warden also op d'Politik, dass se sech beweegt !

Mir hunn haut de Moien di 1000. Petitioun ennerschriwwen zereckgescheckt kritt, a mir rechnen staark domatt, dass et der nach vill mei wäerten ginn bis den 29. Juni. Ech well op deser Plaatz all denen dei sech schon un der Petitioun bedeelegt hunn Merci soen fiir hier Ennerstetzung.

Mee et geht nett duer matt enger Ennerschreft op enger Petitioun!

Den 29. Juni schliesslech organiseieren mer dann eng grouss Versammlung viirun der Chamber, bei där mer dem Chamberpräsident des Leschten wellen iwwerreechen. Invitéiert

derbäi ze sinn sinn och de Premier an d'Fraktiounscheffen aus der Chamber.

Mir hoffen, dass mer matt deser Aktioun d'Politik dozu ugereegt kreien, aus hierer Lethargie rauszekommen, an där se zenter der Deklaratioun zur Lag vun der Natioun scheint verfall ze sinn.

Et geht nett, dass mer matt wichtege Froen bis an den Hierscht warden, nemmen well mer hoffen, alt rem eng Keier derlaanscht ze kommen, fir se ze leisen.

Dofiir ass et immenz wichteg, dass meiglechst vill Handwierker a Selbstänneger en général sech un eiser Aktioun bedeelegen. Weist der Politik dass et Iech gett, **Är Präsenz zielt.**

Den Ooflaaf vun eisem Rassemblement wäert da folgende sinn:

Mir treffen eis um 5 Auer Mettes viirun der Chamber. Mir hoffen, dass de Choix vun der Auerzäit et meiglechst villen Betriebscheffen ermeiglechen wäert, kennen derbäi ze sinn.

Et ass eng **friddlech, onopgereechten Versammlung** vu responsablen Patron'en aus dem Handwierk an aanere Sekteuren.

Et gett nett gejaut, nett gebuht, an et gett näischt futtigeschloen.

Et gett kee Politiker verbal oder soss iergendwei attackeiert oder agresseiert.

Mir marscheieren nett matt Banderolen duerch d'Stroossen, mir fueren nett matt Baggeren, Kamion'en oder Camionetten duerch d'Geigend a blockéieren de Verkéier.

Mir tippen kee Buedem oder sonstege Knascht aus, a mir rappen näischt oof oder op!

D'Iddi ass, eng Art Schweigeminutt fir d'Betrieber an hier Intressi'en hei zu Letzebuerg.

Um 17.30 wäert ech eng kurz Usprooch haalen an dono dem Chamberpräsident Laurent Mosar di ennerschriwwen Petitiounen iwwerreechen. Dono get d'Versammlung friddlech a fein opgeleist.

Och wa mer nett matt de Muskelen wellen spillen, ass et dach awer immenz wichteg, dass meiglechst vill Betriebscheffen sech un der Aktioun bedeelegen an hier Präsenz weisen. Et geht nett duer eng Petitioun z'ennerschreiwen an ze hoffen, domatten wier et da lo gedoen. Mir rechnen dermatt, dass de bouche à bouche an di geigesäiteg Motivatioun tescht de Betriebscheffen derzou bäidroen wäerten, dass eis Initiativ een Erfolleg gett.

D'Pressekonferenz vun haut ass also och dofiir geduecht, d'Initiativ weider bekannt ze maachen an eng Rei Informatiounen weider ze

ginn. Eis Initiativ ass op fiir all Handwierker a Selbstännegen, dee fennt d'Regierungspolitik an haaptsächlech d'Entscheedungen zum Index an dem Mindestloun wieren falsch!

Viirun allem awer soll se bei der Politik derzou bäidroen, bestemmten bequem Reflexer ofzebauen. Wei zum Beispill den, dass d'Betriber et souwisou wäerten schosselen, oder dass eng Tripartite een Allheilmittel ass fir all dei Problemer dei d'Politik sech nett traut ze leisen.

Mir soen Iech, de Pressevertrieder, alleguer am Viiraus ee grousse Merci dofiir, dass der di Messagen dabaussen bekannt maacht.